



**Äntwert vum Här Aussen-an Europaminister, Jean Asselborn, op d'parlamentaresch Fro no 6843 vum  
14. September 2022 vum honorabelen Deputéierten Här Fernand Kartheiser**

- 1) Den Aggressor Aserbaidtschan kritt weder vun Europa nach vu Lëtzebuerg mat Sanktioune gedreet, wann hien Armenien ugräift. Ass dat net eng duebel Moral vun der europäescher a lëtzebuergescher Baussepolitik, wann een mat der ukrainesch-russescher Situatioun vergläicht?**

D'Europäesch Unioun verurteelt d'grenziwwerschreidend Gewalt géint Armenien. Als Konsequenz huet d'EU, déi offiziell als Mediateur fungéiert, eng "mission civile" an den Haut-Karabakh geschéckt.

- 2) Zënter Juli gëtt et europäeschersäits no de Wieder vun der Kommissiounspresidentin Madamm von der Leyen "ein neues Kapitel in der Energie-Zusammenarbeit" mam Aserbaidtschan, dee seng Gasliwwerungen un Europa verduebelt. Gëtt et keng moralesch Bedenke fir mat engem erwisenen Diktator an Aggressor vun engem Nopeschland an Energiefroen zesummenzeschaffen?**

Den Aserbaidtschan huet enger EU Zivilmissioun zougestëmmt an et gëtt kontinuéierlech un enger pazifistescher Léisung fir d'Situatioun am Haut-Karabakh geschafft. Den Aserbaidtschan ass, wéi och Armenien, Member vum Partenariat Oriental. Den Partenariat Oriental ass eng Initiativ vun der Europäescher Union fir d'Zesummenaarbecht an verschidde Beräicher ze fërderen, fir sou Stabilitéit an Fridde an der Regioun ze schafen.

- 3) De Lëtzebuenger Bausseminister huet an der Vergaangenheet scho méi schaarf formuléiert Kritik um aserbaidtschanesche Krich geübt. Ass dee récksichtsvollen Ëmgang haut op wirtschaflech Interessen zeréckzeféieren?**

Den 13. September 2022, huet den Ausseminister op Twitter d'Ugrëffer vun Aserbaidtschan op Armenien kloer verurteelt:

„Luxembourg is deeply concerned at reports about military operations by Azerbaijan directed against Armenia that have caused many casualties. Hostilities must stop. FM #Asselborn calls on both parties to refrain from further escalation.“

Lëtzebuerg, den 17. Oktober 2022

Den Aussen - an Europaminister

(s.) Jean Asselborn